piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Den Doud vun engem Zuchführer a Rheinland-Pfalz no engem gewalttätegen Ugrëff am Kader vun enger Ticketkontroll huet d'Fro vun der Sécherheet am ëffentlechen Transport erëm an de Fokus geréckelt. Och zu Lëtzebuerg ginn et zënter laangem Diskussiounen, ob d'Personal an eisen Zich méi Kompetenzen an Instrumenter misst kréien, fir géint aggressiv Passagéier geschützt ze ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi schätzt d'Regierung d'Sécherheetslag fir d'Fuehrpersonal an d'Passagéier vun den CFL aktuell an?
2. Huet d'Sécherheetslag an den Zich sech fir all Bedeelegt zënter dem Covid verbessert oder ass se gläich bliwwen a wourunner leeën déi Verantwortlech dat fest?
3. Wéi gesäit d'Regierung d'Iddi, fir d'Zuchbegleeder mat Bodycams z'equipéieren, fir si esou ze schützen?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés